piraten.lu

N°3718
Entrée le 03.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.03.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Zu Ibeng (Aubange) op der belsch-lëtzebuergescher Grenz huet eng Firma, déi an der Industriezon ee Recyclingsbetrieb exploitéiert, eng Demande un déi belsch Autoritéite gestallt, fir dierfe méi Mangan a Kuelestoff an d'Ëmwelt auszescheeden. An engem Artikel vum 27te Februar op *tvlux.be* kann ee liesen:

"*A Aubange, l'entreprise Ecore Belgium a introduit une demande de modification du permis d'environnement pour le broyeur à métaux qu'elle y exploite. La demande vise à permettre l'augmentation des valeurs limites d'émission de deux polluants. […]*
*Ça nous inquiète pour la santé des riverains et l'ensemble des habitants d'Aubange... On a pu voir l'impact sur la santé que peuvent avoir ces broyeurs à métaux... Il y a déjà un permis d'exploitation jusqu'en 2039. Il nous semble qu'il est préférable de s'en tenir à ces valeurs là, plutôt que d'augmenter les possibilités de pollution."*

Esou eng Ännerung hätt och Ëmweltauswierkungen op déi lëtzebuergesch Grenzgemengen an doduerch op d'Gesondheet vun alle Leit an der Regioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Reegelen gëllen am Fall vun esou enger Demande bei eise belschen Noperen a wéi eng lëtzebuergeschen Autoritéiten sinn an dës Decisioun involvéiert a wéi?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

2. Wéi positionnéiert d'Regierung zu enger Erhéijung vun den Emissiounslimiten, wa se gesetzlech verhënnerbar ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten